DÉI JONK AN DER CSV

**Pressecommuniqué – D'Gewerkschaftsbosse si falsch op hirer Plaz**

An de leschte Méint hu mir mat Suerg zur Kenntnis geholl, a wéi eng Richtung sech d'Aktiounen an d'Stellungname vun de Gewerkschaften OGBL an LCGB, ugefouert vun hire gutt bezuelte Bossen, entwéckelen. Hire Bréif deen haut an der Press veröffentlecht ginn ass, ass u Respektlosegkeet a Selbstduerstellung net ze iwwerbidden. Grad beim OGBL schéngt d'Frustratioun grouss ze sinn, dass si kee Live-Ticker méi vun LSAP Ministeren aus dem Regierungsrot kréien.

Hir eigentlech Roll misst et sinn, déi schaffend Leit ze verteidegen, den Dialog ze sichen an zesumme Bréckne ze bauen. Awer amplaz konstruktiv ze sinn, hu si sech fir permanent Provokatioun, extrem Politiséierung an enger Strategie vu reegelrechter Erpressung a Respektlosegkeet entscheet, fir déi ze diskreditéieren, déi hir Siicht net deelen.

Mir refuséieren dës Aart a Weis.

Mir refuséieren, datt de Sozialdialog duerch Angscht, medialen Drock a perséinlech Attacken ersat gëtt.

Mir refuséieren, datt Gewerkschaften, déi d'Aarbechter a Salariéë solle vertrieden, sech wéi Lobbygruppe verhalen déi hir Meenung duerch Bedrohungen a Falschbehaaptungen anstatt duerch eng éierlech a konstruktiv Dialogbereetschaft duerchsetze wëllen.

Mir als CSJ hunn es genuch vun dëse vereelzten a populistesche Methoden. Mir sti fir eng konstruktiv Zesummenaarbecht a setzen eis fir ee moderne Sozialdialog an, baséierend op Respekt, Verantwortung a Kompromëssbereetschaft, net op Konfrontatioun an Aschüchterung. Dozou gehéiert och ze erkennen, dass d'Gesellschaft an d'Ekonomie haut net mei déi selwecht ass wéi viru 50 Joer, an dass d'Gewerkschaften ophale mussen an enger alternativer Realitéit ze liewen. Sie mussen och ufänken déi laangfristeg Problemer ze erkennen an net all Reformversuch duerch egoistesch Interessen ze blockéieren.

Lëtzebuerg brauch kee gesellschaftlecht Klima, dat duerch Gewerkschafte vergëft gëtt, déi Aktivismus mat Aggressivitéit verwiesselen. Mir ruffen den OGBL an de LCGB dozou op, op hir ursprénglech Missioun zeréckzekommen: déi schaffend Leit ze

verteidegen, amplaz d‘Land duerch Egoismus ze splécken, a konstruktiv an der Saach novir ze schaffen.

Eis Generatioun wëll virukommen, an net ënnert de Muechtkämpf vun enger vereelzter Zäit leiden. Et geet hei och ëm d'Zukunft vun deenen Jonken!